

UGDA / UMI Concours fir Blossmusek

Reglement

D'UGDA organiséiert de 14. a 15. Mee 2022 e Concours fir Museken zu Wëntger a Kollaboratioun mat der Gemeng Wëntger, an der Wëntger Musek.

De Concours ass op fir all Blossmuseksorchester mat enger variabler Harmonie- oder Fanfarebesetzung, deen seng Wuerzelen a seng Haaptaktivitéit a sengem Duerf oder Quartier huet, an a sengem normale Programm, mat sengen eegene Leit, generell Stécker am Schwieregkeetsgrad 2-6 spilt.

I. Aschreiwung

Art.1. Zougelooss zum Concours ginn all Blossmuseksveräiner déi Member sinn

- bei der Union Grand-Duc Adolphe (UGDA),
- oder enger Museksfederatioun aus der Groussregion déi bei der "Union Musicale Interregional (UMI) ageschriwwen ass.

Art.2. Ensembelen déi wëlle matmaachen, mussen der UGDA

- den Aschreiwungsformular, deen op www.ugda.lu als Download steet, ausgefëllt ënnerschriwwen an datéiert per Email op direction@ugda.lu schécken,
- eng Aschreiwungsgebühr vun 250 €, dovun sinn 100 € Kautioun déi de Veräin zrëck kritt wann en um Concours präsent ass, op de Kont vun der UGDA CCPLLULL - IBAN LU10 1111 0043 0032 0000 iwwerweisen.

D'Umeldung ass eréischt gültig mat der Iwwerweisung.

Bei der Aschreiwung mussen folgend Dokumenter derbäi sinn:

- Eng Direktiounspartitur am PDF Format (schw/w – 300 dpi) vun all Stéck dat den Orchester als Choix spille wëllt;
- Eng Biographie vum Orchester op lëtzebuergesch, däitsch oder franséisch, vun ongeféier ¼ Säit A4 am Word Format (Schrëft Arial 10);
- Eng Foto vum Orchester a vum Dirigent am JPG Format (300 dpi);
- D'Lëscht vun de Memberen déi sollen deelhuelen am Word oder Excell Format.

Läschten Termin fir d'Aschreiwungen ass den 31.12.2021.

D'UGDA kann, wann néideg d'Zuel vun den Aschreiwunge limitéieren, respektiv de Concours ofsoe wann net genuch Interessenten do wäeren.

II.- Besetzung an Niveauen

Art.3. De Concours ass fir gemëschte Besetzungen¹, Harmonie/Fanfare a gëtt a 4 Schwieregkeetsgraden ausgedroen: Niveau A, B, C an D (wou A den héchsten Niveau ass).

All Musek wëllt selwer op wat fir engem Niveau se well untrieden. Gemëschte Besetzungen kënnen nëmmen an de Niveauen C an D untrieden.

¹ Ënner gemëschten Ensembel ass ze verstoen, Museken déi keng réng Harmonie- oder Fanfare-Besetzung hunn, z.B. Flütten, Bùgel a Klarinetten. Dëst ass jo oft bei den Duerfmuseken de Fall.

III. Programm

Art.4. Fir déi 4 Kategorië gëtt jeeweils een Imposé vum Organisateur virgeschriwwen, dee vun engem Lëtzebuerger Komponist geschriwwen gouf. Fir de Niveau A ginn et spezifesch Imposeeë fir Harmonie a Fanfare.

D'Publikatioun vun den Imposeeën ass de 15. Oktober 2021 ob www.ugda.lu.

All Musek muss doriwwer eraus e fräie Programm presentéieren deen hirem Niveau ugepasst ass. (Den Imposé zielt hei net dozou).

Art.5. D'Dauer vum fräie Programm ass 15 Minutte fir d'Niveaue C an D, an 20 Minutte fir d'Niveaue A a B

Art.6. Fir sécher ze stellen dass d'Museke Stécker an hirem Niveau an déi richteg Dauer presentéieren, préift eng Experte-Kommissioun op se dem Niveau ugepasst sinn an d'Veräiner kréie bis den 13. Februar 2022 Bescheed gesot.

IV. Organisatioun op der Bühn

Art.7. D'UGDA stellt Noutepulter a Perkussioun zur Verfügung. Et muss op dësen Instrumenter gespillt ginn. Eng genee Lëscht vun den Instrumenter gëtt um Internetsite vun der UGDA publizéiert. Accessoires, Bengelen an eventuell zousätzlech néideg Instrumenter missen d'Veräiner selwer matbréngen.

Art.8. Orchesteren an de Niveaue C an D hunn 40 Minutten Zäit op der Bühn fir

- den Orchester opzeiichten
- sech kuerz anzespillen,
- d'Akustik ze testen an ofzestëmmen
- den Imposé ze presentéieren
- säi fräie Programm ze spillen
- d'Bühn nees fräi ze ginn.

Orchesteren an de Niveaue A a B hunn fir datselwecht 45 Minutten

Pro ugefaangen Tranche vun 3 Minutten déi iwwerzu gëtt, kritt de Veräin 1 Punkt um Endresultat als Zäitstroof ofgezunn.

V. Jury a Bewäertung

Art.9. All Jury besteet aus 3 Leit mat nationaler an/oder internationaler Erfahrung, déi vum Verwaltungsrot vun der UGDA ausgewielt ginn, an engem Sekretär deen normalerweis e Member vum Conseil d'administration oder en Delegéierte vun der UGDA ass.

Bewäert gëtt op Stëmmung, Prezisioun, Balance, Dynamik a Musikalitéit.

Art. 10. All Jurysmember huet 100 Punkten ze verginn. Fir d'Endresultat gëtt d'Moyenne vun de Bewäertunge geholl. All Brochdeel iwwert dem hallwe Punkt gëtt op de nächste Punkt opgewäert. Brochdeeler do drënner ginn ofgewäert.

Art. 11. De Jury, zesumme mam Sekretär, kann eng besonnesch Mentioun fir d'Qualitéit vun der Organisatioun, der Presentatioun, der Liewegeket vum Optrëtt vum Orchester an de Solisten aussprechen.

Art.12. De Jury debattéiert hannert geschlossenen Dieren, duerno gëtt all Dirigent fir eng Diskussioun an Erklärunge mam Jury geruff.

Art.13. D'Sekretäre sinn zoustänneg fir d'Anhale vum Reglement a vun den Zäiten déi an den Artikelen 5 an 8 gesat ginn.

D'Sekretäre sammelen d'handschrëftlech Notize vun all Jurysmember an, déi dës op engem virgedréckte Formular agedroen hunn. Kopte vun dësen Notize ginn de Veräiner innerhalb vun 2 Wochen zougestallt.

D'Sekretären huele keen Afloss op d'musikalesch Bewäertung vun der Jury.

Doriwwer eraus hunn d'Sekretären déi Zoustännegkeeten déi hinnen an den Artikelen 17 an 18 erdeelt ginn.

Art.14. D'Decision vum Jury sinn definitiv an ouni Apellméiglechkeet.

VI. Resultater a Präisser

Art.15. D'Endresultat setzt sech zesummen aus der Decision vum Jury an dem eventuelle Punktofzoch wéinst enger Zäitstrof.

Art.16. D'Präisser déi vergi ginn, si folgend:

- Éischte Präis mat Auszeechnung: 91-100 Punkten;
- Éischte Präis: 81-90 Punkten;
- Zweete Präis: 65 – 80 Punkten.

De Jury kann doriwwer eraus engem oder méi Ensembelen oder Solisten eng qualifizéiert Mentioun oder hir Felicitatiounen ausdrécken.

All Präis gëtt mat engem Diplom iwwerrecht.

Art.17. Et gëtt keng Geldpräisser. All Musikant a Comitésmember deen um Concours dobäi ass kritt less-a Gedrénsbongen am Wäert vu 9 € déi op der Plaz anzéise sinn. Als Berechnungsgrondlag déngt d'Lëscht vu den deelhuefende Memberen déi de Veräin bei senger Umeldung ugëtt, déi mat der Zuel vu Musikanten op der Bühn verglach gëtt.

Eng weider Participatioun u Käschten (Transport, Bekäschtegung, asw.) säitens der UGDA ass net virgesinn.

VII. Besetzung, Renforten

Art.18. All Orchester engagéiert sech mat sengen übleche Musikanten op de Concours ze kommen, déi fir d'Joer um Relevé vun der UGDA oder hirer jeeweileger Federatioun déi der UMI ugeschloss ass, agedroe sinn.

D'Zuel vun de Renforten ass op 3 begrenzt a muss der UGDA fir de Stéchedatum notifiéiert ginn.

All spéider Ännerung vun der Besetzung muss der UGDA gemellt a motivéiert ginn. Un hir ass et ze decidéieren des Ännerung z'authoriséieren. Dës Autorisatioun geschéien am Geescht vun der "Fairness" vis-à-vis vum Veräin dee freet, an deenen anere Veräiner déi matmaachen.

Art.19. Bei Reklamatiounen betreffend d'Besetzung, muss den Conseil d'administration vun der UGDA de Virfall ënnersichen. D'Resultat vun dëser Ënnersichung gëtt beim nächste Kongress an engem Rapport presentéiert.

Art.20. Stéchedatum fir Besetzungsfroen ass den 31.3.2022.

VIII. Generales

Art.21. D'UGDA däerf Toun- a Bildopname vum Concours maachen. Des Opnamen hunn dokumentaresche Charakter. All Veräin kann eng gratis Kopie vun dësen Opnamen kréien. D'UGDA gëtt keng Garantie iwwer d'Qualitéit vun dësen Opnamen.

Art.22. De Concours ass ëffentlech an den Entrée gëtt vum Organisateur definéiert. Musikanten, Comitésmemberen an Dirigente vun den Orchesteren déi matmaachen hunn de ganzen Dag fräien Zougang zum Concours.

Art.23. Mat der Aschreiwung soen d'Orchesteren sech averstane mat dësem Reglement. Am Fall vun Divergenze gëllt eleng d'Versioun a Lëtzebuurger Sprooch. Verstéiss géint d'Reglement zéien en Ausschluss aus dem Concours mat sech.